

Een (typesch) lëtzebuerger Nationalfeierdag.

Nationalfeierdag 2013. Wéi all Joer, ganz Luxembourg-City voll mat rout-wäiss-bloe Fändelen, iwverall Concerten a Musek an, obwuel et ëmmer erëm liicht gereent huet, d'Stroosse schwaarz vu Leit. Sou ee Fest, mat sengem Fakelzuch an engem ëmmer méi genial grandiosem (an och ëmmer méi deieren) Freedefeier, lockt 1000e vu Leit aus deem ganze Land a vu ronderëm an ons Stad. D'Roma souzen zu enger gudder Dose mat hire Mippercher beim Cercle, fir dëst Fest, dat fir all d'Leit am Land geduecht ass, ze feieren. Hamburger, Pitaen, vill grouss Fläschen an och Schampes, deen si an de Buden um Knuedler kaaft haten; mat deem, wat ee lëtzebuerger Clochard a säi Bettelbecher kritt, kann ech mir all déi Saachen net leeschten...

Ech hat di ganz Woch zimlech Problemer mat den Zigeiner. Si sote mir, dass déi Plaz, wou ech ëmmer mat mengem Becher sëtzen, de Roma gehéiert an dass ech net méi do sëtzen däerft. Zwéin Deeg virun Nationalfeierdag ass ee vun hinne mir sou laang mat senge Fanger duerch d'Hor an duerch d'Gesicht gefuer, bis ech op déi aner Säit vun der Strooss geréckelt sinn. Géint seng kapotten Hand a säi klenge Mippchen, dat och nach op enger besserer Plaz, well d'Leit do direkt virun engem laanscht ginn, hat ech keng Chance a fir sou vill a mäin Dëppchen ze kréien, wéi d'Leit him an enger Stonn goufen, hätt ech wuel ee ganzen Dag misse sëtze bleiwen. Ee Gléck, dass ech geléiert hunn, mat ganz wéineg auszekommen an dass ech keng Hausdéieren hunn, déi ech dann och nach misst fidderen...

Sou geholl war ech frou, dass d'Roma gefeiert hunn. Ech hu mir geduecht, wa kee vun hinne mat sengem Becher do sëtze wëllt, kënnt (däerft) ech dat maachen, an der Hoffnung, och fir mech e puer Sou Nationalfeierdag ze kréien. D'Leit si net sou schlecht wéi hire Ruff a grad sou een Dag werfen si och puer Mënzen an de Becher vun engem ale Clochard. Wat mech besonnesch gefreet huet (villäicht dach e bësselchen Hoffnung fir eist "Geld ass alles" Land) war, dass déi meescht, déi mir eppes goufen, Jonker waren, dorënner och vill Lëtzebuerger(innen). Mä, d'Freed war net vu laanger Dauer; d'Realitéit huet den Dram ageholl. Ee vun den Zigeiner ass bei mech eriwwer komm, huet mäi Becher eidel gemaach a mir meng Zigaretten a mäi Briquet ewechgeholl. Hien ass bei déi aner zrëck gaangen, si hunn

iwver mech gelaacht a mech verspott an dunn weider gefeiert, genausou wéi déi meeschten (awer ganz sécher net all) aner Leit hei am Land. Alles, wat deem domme lëtzebuerger Clochard vum Nationalfeierdag zu Lëtzebuerg blouf, war Jäizen, Fluchen a Kräischen. Ee grouse Merci all deenen, déi d'Gesetzer stëmmen, déi sou eppes méiglech maachen!